Helperknapp, 23/07/2024

# Rapport vun der Jugendkommissioun

# Kommissioun (25.06.2024)

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| Noah Edert | Jyll Duschinger (entschëllegt) |
| Samantha Fernandez | Frank Conrad (entschëllegt) |
| Lara Georges | Rosie Brandenburger (entschëllegt) |
| Lynn Mangen | Michelle Leroy (entschëllegt) |
| Jordan Pires | Leo Toum (entschëllegt) |
| Marie Sadler | |

## 1. Open Air Kino - Sunset Cinema

- An der Whatsappgrupp goufe follgend Filmer ausgewielt (per Ofstëmmung):
    - Kanner: Super Mario Bros
    - Jugendlecher: Ted
    - Erwuesener: Mamma Mia
- D'Marie Sadler huet Sunsetcinema déi dräi Filmer, déi an der Whatsappgrupp ofgestëmmt goufen, matgedeelt. Den Olivier vu Sunsetcinema huet dem Marie Sadler Réckmeldung ginn, dass de vun der Jugendkomissioun ausgewieltenen Erwuesenenfilm "Mamma Mia" déi Woch virdrun zu Colmar-Bierg gewise gëtt an huet eis encouragéiert eis Choix ze iwwerdenken.
- Mir hunn doropshin zesummen decidéiert, dass mir an der Alterskategorie Erwuessener de Film "A Star is born" wéisen (dëse Film hat déi zweet mëscht Stëmme bei der Ofstëmmung an der Whatsappgrupp).

Helperknapp, 23/07/2024

- D'Marie Sadler gouf vum Filmdistributeur dorop higewisse, dass de vun der Jugendkommissioun ausgewielte Kannerfilm "Super Mario Bros" net gewisen duerf ginn. Mir hunn doropshin zesummen decidéiert, dass mir an der Alterskategorie Kanner de Film "Ratatouille" wéisen (dëse Film hat déi zweet mëscht Stëmme bei der Ofstëmmung an der Whatsappgrupp).
- Déi follgend Filmer ginn um Open Air Kino vu Sunset Cinema gewissen:
  - Freides, 19.07.24 : Kanner – Ratatouille
  - Samstes, 20.07.24 : Ewuessener – A Star is born
  - Sonndes, 21.07.24 : Jugendlecher – Ted
- Mir decidéieren, dass mir fir den Open Air Kino Snacks organiséieren (Kamellespisser, Chips, M&Ms).
- Mir decidéieren, dass mir fir den Open Air Kino kee Foodtruck ufroen, wëll dëst vun der Organisatioun ze knapp gëtt fir dëst Joer. Mir behalen d'Iddi fir d'nächst Joer zeréck.
- D'Lynn Mangen këmmert sech em de Flyer fir den Open Air Kino.
- De Flyer vum Open Air Kino soll an der Woch vum 01.07-07.07 ausgedeelt ginn. D'Lynn Mangen lisst d'Flyere bei der Gemeng printen. D'Membere vun der Jugendkomissioun sollen sech beim Lynn Mangen melden fir d'Flyeren ze kreien.
- Opdeelung fir d'Ausdeele vun de Flyeren :
  - Téinten: Rosie Brandenburger
  - Huelmes: Samantha Fernandez, Jordan Pires
  - Brouch: Michelle Leroy
  - Mariendall, Ansembuerg, Bour: Samantha Pires, Jordan Pires
  - Béiwen: Lynn Mangen
  - Bëschdref: Marie Sadler
  - Openthalt, Gréiweknapp, Fënsterdall, Bill: Noah Edert
- Mir hunn doriwwer diskutéiert ob et eng Méiglechkeet ass, fir Studenten um Open Air Kino ze engagéieren. Mir hunn zesummen decidéiert, dass mir dëst Joer keng Studenten engagéiere fir den Open Air Kino.
- D'Lara Georges schreift eng Email un d'Gemeng (Yves Munchen) fir dass den Event Open Air Kino an der App an an den Agenda publizéiert gëtt.
- D'Lara Georges schéckt d'Email un d'Clubbe vun der Gemeng Helperknapp eraus. D'Marie Sadler schéckt dem Lara Georges d'Email vum leschte Joer mat der Mailinglëscht weider.
- Falls sech bei engem Dach vum Open Air Kino kee Club vun der Gemeng Helperknapp mëllt, dann hu mir decidéiert, dass mir eis als Jugendkommissioun selwer deen Owend em d'Gedrénks këmmeren.

Helperknapp, 23/07/2024

- D'Marie Sadler informéiert de Responsabele vum Campus Helperknapp (Steve Rollinger) iwwert d'Event Open Air Kino.
- D'Marie Sadler bestellt d'Gedrénks beim Wallers fir den Open Air Kino.
- Kinosnacks: D'Rechnunge vun de Kinosnacks sollen un d'Marie Sadler geschéckt ginn.
  - Mir entscheeden eis dofir, dass mir nëmme Freides, fir de Kannerfilm 50 Kamellespizer ubidden. D'Samanta Pires këmmert sech dorëms.
  - D'Lara Georges keeft dräi Chipskëschten Paprika an dräi Chipskëschten Salz a 50 Päck M&Ms.
- D'Marie Sadler këmmert sech em Dixien an em d'Luuchte fir den Open Air Kino.

## 2. Divers

**Jugendhaus Bissen - Navetten**

- Mir eenegen eis dorobber, dass mir d'Thema Navette fir d'Jugendhaus Ufank September op den Ordre du jour setzen.

**Îles aux clowns**

- D'Lynn Mangen këmmert sech ëm d'Checke vun der Gemeng.
- D'Lara Georges rifft bei der Organisatioun Île aux clown un fir dass sie eis méiglech Datumer fir eng Checkiwwerreeschung schécken. D'Lara Georges deelt dës Datumer am Whatsappgrupp mat an d'Memberen entscheeden da per Ofstëmmung wéini d'Checkiwwerreeschung stattfënnt.